

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

**(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4957 iwwert d'Dräi Eechelen. Et hu sech schonn ageschriwwen déi Häre Scheuer, Schummer, Greisen, Garcia, Urbany a Krecké. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Nicolas Strotz.

### 13. Projet de loi 4957 relatif à l'aménagement du Parc "Dräi Eechelen" à Luxembourg-Kirchberg

#### Rapport de la Commission des Travaux publics

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Hauptstadt ass an deene leschte Joren ëmmer méi zu engem Unzéiungspunkt ginn, net nëmme fir Touristen, mä och fir de Lëtzebuurger selwer, dee sech u senger Hauptstadt erfreet. Mat doru schëlleg ass, datt sech och um kulturelle Plang enorm vill gedoen huet. Ech denken do nëmme un d'Joer 1995, wou Lëtzebuerg europäesch Hauptstadt war. Dëst Groussereignis huet de Wee virgezeechent fir eng kulturell Villfalt ze schafen, déi haut ouni weideres anere Stied d'Waasser ka reechen.

#### (M. Jean Asselborn prend la Présidence)

2007 ass et nees eng Kéier sou wäit, an eis Hauptstadt ass am Verbond mat anere Groussstied aus der Grande Région nees europäesch Kulturhauptstad. Ech sinn iwwerzeegt, dass déi positiv Impulser am Kulturberäich, déi an deene leschte Jore vollbruecht gi sinn, sech op d'Organisatioun vun dësem Groussévénement nidderschloen.

Zwee Joer virdrun, also 2005 schonn, huet Lëtzebuerg erëm d'Présidence vun der europäescher Unioun. Och fir dat Evénement, wou ganz Europa op Lëtzebuerg kuckt, ass et wichteg, datt eis kulturell Projeten, déi mer an deene leschte Jore gestëmmt hunn, wa méiglech, bis da färdeg gestallt sinn.

Et sinn an deene leschte Joren eng ganz Rei vun neie Kulturariichtungen entstanen, déi d'Offer u Konscht a Geschicht iwwer eis Stad an eist Land beräichert hunn. De Musée d'Histoire naturelle, de Stadmusée, den Nationale Konscht- a Geschichtsmusée, de Casino, de Circuit Wenzel an elo ganz rezent de Centre national sportif et culturel, wou mer konnte feststellen, datt eng ganz gutt Akustik dran ass, wat d'Viraussetzung ass fir grouss kulturell Manifestatiounen dran ze organiséieren. Dobäi kommen eng etlech Galerien, Kulturévénementer, Ausstellungen a sou weider.

Aner Projete wéi d'Ëmgestaltung vun der Abtei Neimünster, d'Moderniséierung an d'Sanéierung vum Stader Theater an de Circuit Vauban sti virun hirer Fäerdegstellung.

Konzentrière sech déi elo opgezielte Projeten, mat Ausnahm vun der Coque, am Stadzentrum respektiv an der Alstad, sou ass um Kierchbiere eng Aart Cité culturelle amgaang ze entstoën. Dëst gliddert sech an déi vu viru Joren nei definéiert Philosophie vum Kierchbiere, fir aus dem Plateau Kierchbiere e vollwäertege Stadquartier ze maachen, an dozou gehéiert nun emol e kulturellt Liewen. Ëmmer méi weist sech, datt deen ageschloene Wee dee richtegen ass. Et muss een der Bauteministesch an dem Fong Kierchbiere félicitéiere fir dee Courage, dee se hunn, fir konsequent déi nei Ausrichtung weiderzedreien.

D'Salle de Concert Joséphine-Charlotte fir d'Philharmonie, déi délocaliséiert Nationalbibliothék um Kierchbiere, de Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean, de Musée de la Forteresse an d'Mise en valeur vum Fort Thüngen a vum Fort Obergrünwald komplettéieren op enkem Raum eng ganz Rei vu kulturellen an historiesche Wäerter vun eise Land.

Schued wier et gewiescht, wann de Musée d'Art Moderne, sou wéi d'Stad Lëtzebuerg an d'DP et gewünscht haten, op den Hellege Geescht gebaut wier ginn. D'Konzentratioun vu Kultur am Stadzentrum ass grouss genuch. Hei op deem gewielte Site gëtt de sou genannte Pei-Musée richteg an Evidence gesat. Leider geet et mat der Fäerdegstellung vum Musée net sou richteg virun. Ze hoffen ass, dass d'Paragraphereiderei ëm d'Pierres de Bourgogne geschwënn en Enn fënnt an dass dee gesetzlechen a reglementaresche Bestëmmungen no eng schnell Léisung fonnt gëtt. D'Fakte schéng kloer ze sinn, sou dass ech der Meenung sinn, dass dee Wee, deen d'Mme Minister ugekënnegt huet, lo schnellstens duerchgezu muss ginn.

Wichtig ass et bei all de kulturelle Projeten, déi um Kierchbiere entstinn, dass se sech openeen agencéieren, net nëmme um architektonesche Plang, mä och um Niveau vum Public, fir dass sech e richtegt an authentescht Kulturleewen um Kierchbiere entwéckele kann.

De Projet de loi 4957 relatif à l'aménagement du Parc Dräi Eechelen à Lëtzebuerg-Kirchberg, dee mer haut zur Ofstëmmung hei virleien hunn, wäert an där Hisiicht e wichtige Beitrag leeschten. Ech sinn der fester Iwwerzeegung, dass de Parc op Dräi Eechelen mat dozou bäidréit, datt d'Missioun vun engem Centre de culture kann erfüllt ginn. Dëse Parc wäert zu engem Lieu de rencontre par excellence ginn, wou net nëmme Museks-, Konscht- a Kulturfrënn op hir Rechnung kommen, mä och déi, déi engersäits Rou an Entspannung an anerersäits Animatioun sichen.

Wann ee gesäit, wéi eng touristesch Unzéiungskraaft de Circuit Wenzel huet, dann ass virauszegesinn, datt den

Aménagement vum Circuit Vauban a vun dësem Site och zu sou enger Erfolgsstory gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech op d'Philosophie souwéi zu den Haaptelementer vun dësem Projet kommen, wëllt ech kuerz op d'Antécédente vun dësem Projet agoen.

De Ministerrot huet den 29. Mäerz 2002 d'Gesetzesvirlag iwwert de Park op Dräi Eechele guttgeheescht. De 17. Mee huet d'Ministesch vun den öffentleche Bauten, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges, de Projet de loi 4957 an der Chamber deponéiert. Dem Projet louche bäi en Exposé des motifs, eng detailléiert Opzielung vun den techneschen Aarbechten, déi virgesi sinn, Pläng an eng Fiche récapitulative iwwert déi jährelch Käschte fir den Ënnerhalt.

Den Avis vum Statsrot ass de 4. Juni 2002 an der Chamber agaangen. D'Membre vun de Kommissiounen vun Travaux publics a Kultur konnte sech gelegentlech vun enger Visite um Site e Bild iwwert d'Envergure an d'Noutwendegkeet souwuel vun dësem Projet wéi och vun den zousätzleche Fouillen am Kader vum Circuit Vauban maachen. An der Sitzung vun der Bautekommissioun vum 26. Juni 2002 ass de Rapporteur designéiert ginn. An därselwechter Sitzung sou wéi an där vum 2. Juli ass de Projet no enger Presentatioun vum Projet vun den Experte vu Bâtiments publics analyséiert ginn. De Rapport ass an der Réunioun vum 10. Juli majoritaire, mat enger Neen-Stëmm, adoptéiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, de Site vun Dräi Eechelen ass ee vun de Wahrzeichen vun eiser Hauptstadt. 1733 vun éisträicheschen Ingenieuren erbaut, huet dës militäresch Fortificatioun, déi u sech de Fort Thüngen duerstellt, den Numm Dräi Eechele kritt, dëst duerch déi verguld Spëtzen, déi déi dräi Tierm a Form vun Eechele kréinen.

Ënnert dem Fort Thüngen läit d'Porte Grünewald. Mat engem ënnerierdesche Gang sinn déi béid Forte matenee verbonnen. Den Ursprung vun der Porte Grünewald geet op d'Joer 1688 zrëck. De Vauban huet op dëser Plaz eng Aart Redoute geschaf. De franséischen Terme Redoute beschreift an dësem Kontext eng Aart Fortificatioun. No der Schläifung vun der Festung am Joer 1867 si mat Ausnahm vun deenen dräi Tierm nëmme méi d'Fondatiounen vun deenen zwee Forten a verschiddene Kasmatten erhalen bliwwen. D'Festungsgrief si mam Schutt vum Gemeiers opgefëllt ginn.

Duerch d'Schläifung vun der Festungsanlage si leider net nëmme dräi Joerhonnerte Militärbaukunscht, mä e ganz groussen Deel vun den äusserlechen Zeeche vu Lëtzebuerg als Festungsstad zerstéiert ginn.

Parallél zum Projet vun haut hat d'Mme Ministerin vun den Affaires culturelles e Projet déposéiert iwwert d'Extensioun vum Itinéraire culturel Vauban an iwwert d'Muséographie vum Musée de la Forteresse. Leider huet de Statsrot doriwwer nach keen Avis ofginn, soss hätten

déi zwee Projeten, déi quasi zesummegehéieren, mateneen diskutéiert, an och d'Geschicht vun dësem Deel vun der Festungsstad méi am Detail retracéiert kënne ginn.

Am 19. Jorhonnert ass de Plateau ronderëm d'Dräi Eechelen als Park vum Architekt André aménagéiert ginn.

Tëscht 1980 an 1982 si vun der DAC Fouillen um Site vum Fort Thüngen duerchgefouert ginn. Si hunn de miserablen Zoustand vun den Iwwerreschter zu Dag bruecht.

Am Joer 1990 ass e Programme de développement culturel an d'Liewe geruff ginn, fir eisen historeschen a kulturelle Patrimoine ze revaloriséieren. Eng ganz Rei vun de Vestigë vum Fort Thüngen a vum Fort Obergrünewald sinn am Kader vum Aménagement vum Festungsmusée, vum Musée d'Art Moderne a vum Circuit Vauban restauréiert ginn. Doduerch léisst sech op dësem Site, wann all Projekte realiséiert sinn, déi baulech Geschicht vu fréier bis haut novollzéien, wat de Site wierklech interessant mécht.

Ze bemierken ass, dass de Service vu Sites et Monuments enk an d'Planung vum ganze Projet mat agebonne war an och hire Besoin Rechnung gedroen ass ginn.

Ufanks vum Joer 2000 si sechs unerkannte Paysagistë consultéiert ginn, fir ze kucken, wéi een de Site mat senger verschiddene Composanten als en Ensembl aménagéiere kéint. De Paräisser Büro Desvigne & Dalnoky ass zrëckbehale ginn. De Projet, dee se ausgeschafft hunn, ass esou gestallt, dass déi nei gebauten Ouvrages en Evidence gesat ginn. De ganze Site vun Dräi Eechele kritt e prestigieusen, mä natierleche Charakter, dee sech gutt an dee méi urbane Kader vum Kierchberg integréiert. Den Uschloss un d'Place de l'Europe, déi sechs Meter méi héich läit wéi d'Plaz virum Musée d'Art Moderne geschitt iwwert eng laang gezunnen Trap vu 15 Meter breet, déi d'Leit an enger flotter Perspektiv op d'Entrée vum Musée hin dirigéiert. D'Trap gëtt esou gestalt, dass se och als Sëtzplaz fir zum Beispill auszeroue benotzt ka ginn. Lénks, wann een d'Trap erofgeet, ass se vum besteende Gebai Robert Schuman flankéiert an dat Bibliothèque nationale soll transféréiert ginn, a rechts vun der Trap ass virgesin en Hotel ze erriichten. Gekoppelt un dat Gebai gëtt e Lift aménagéiert fir den Handicapéierten en direkte Passage vun där enger op déi aner Plaz ze garantéieren.

Ass d'Place de l'Europe, vum spueneschen Architekt Ricardo Boffil entworf, eng Plaz déi komplett mat engem Dallage versinn ass, esou kritt de Parvis ronderëm de Musée d'Art Moderne, eng Plaz vun am Ganzen 4.000 m<sup>2</sup> grouss, e befestegten, mä sou genannten offene minéralesche Belag, dee wuel befuerbar, awer ganz naturno ass. Dës Plaz, op déi grouss Beem geplanzt ginn, fir deem Ganzen vun Ufank un den néidege fäerdegem Androck ze vermëttelen, gëtt och genotzt fir spéider Ausstellungen am Fräien ze organiséieren. D'Reewaasser

vun dem ganzen Aménagement gëtt gesammelt a gespäichert fir zu Notzzwecker verwennt ze ginn.

Vun der "Place de l'Europe", déi par définition méi artificiel ausfällt, bis zur Terrass um Fouss vum Fort Obergrünwald am Südwesten, entwéckelt sech de Site vum "Urbanen" zum "Natierlechen". Duerch de Choix vun de Materialien, déi zum Asaz komme fir d'Gestaltung vun de Fräiraum a fir d'Uleeung vun de Weeër, grouss Dallen, da Pavés, iwwer Pavés mat Wues bis hin zu einfachem Wues, kommen dës Kontraster verstärkt zum Droen.

Här President, behalen d'Wëer, déi sech duerch de Park zéien, och eng gewëssen Dezenz, sou mussen awer déi Plazen am Park, wou sech d'Visiteuren ophalen an op deenen och verschidde Manifestatiounen ofgehalen kënne ginn, méi kloer en Evidence gesat ginn. Et handelt sech hei ëm véier där Plazen, déi am Projet och "Stationen" genannt ginn: de Wee respektiv d'Trap vun der "Place de l'Europe" bis bei de Parvis vum Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean; de Parvis vum Musée selwer; de Parvis virum Festungsmusée; d'Terrass um Fouss vum Fort Obergrünwald. Op déi zwou éischt Stationen sinn ech schonn agaang.

Zum Parvis virum Festungsmusée ass ze soen, dass dës Plaz als grouss Plattform ugeluegt gëtt, déi quasi bis un de Fort Obergrünwald erukënnt. Um Enn vun der Plaz, déi niveauméisseg um ënneschten Deel dräi Meter méi héich läit wéi de Fort, gi Gradinen ugeluegt vu wou een engersäits en interessanten Abléck an de Fort selwer huet, anersäits awer och déi flott Vue op d'Alstad bewonnere kann. D'Plaz selwer gëtt mat spezielle Grieser als Strapazéierwies ugeluegt, wou all méiglech Manifestatiounen an Aktivitéiten drop kënne stattfannen an déi esou zur Beliewung vum Site bäidroen. D'Alentouren vun dëser Plaz, déi wéi eng grouss Clairière an deem Ganze wierkt, gi beplant mat Beem a Gestraich, déi sech un d'Gegebenheete vum Bësch ronderëm upassen. Eenzel Beem, déi während den Aarbechte beschiedegt si ginn respektiv sech net an den neien Aménagement aglidden, mussen ëmgemaach ginn a ginn duerch anerer ersat. Eenzel schéin Exemplare ginn als Merkmal erhalen.

Um Fouss vum Fort Obergrünwald gëtt eng Terrass aménagéiert. Dës läit e bësschen isoléiert vum ganze Park a stellt doduerch méi en Uert vun Intimitéit a Rou duer. D'Weeër, déi an den Dall erof féieren, ginn a Stand gesat, méi e geféierleche Wee, deen iwwert d'Eisebunn gaang ass, gëtt suppriméiert.

Beim Aménagement ass Wäert drop geluegt ginn dass net nëmmen d'Vue vun den Dräi Eechelen op d'Alstad, mä och d'Vue vun der Alstad op d'Dräi Eechele sech als Gesamtlandschaftsbild a Form vun engem eemolegen Tableau presentéiert. Eng adequat Beleuchtung entsprechend de Besoine vun deenen eenzelnen Elementer vum Park suergt owes fir déi richteg Stëmmung.

Nieft dem Uleeë vun engem Park begräift dës Projet de Bau vun enger Verbindung tëschent deenen zwee

Muséeën. Dëst geschitt iwwer eng Passerelle, déi eng physisch wéi eng architektonesch Verbindung duerstellt an déi symbolesch d'Bréck vum Neien zum Ale schléit.

D'Bréck besteet aus enger metallener Struktur, déi säitlech an um Daach verglaast ass an esou en zousätzlechen Abléck an d'Geschicht vum Fort Thüngen an op déi flott Natur erméiglecht. D'Längt vun der Passerelle wäert sech op 17,70 Meter erstrecken, d'Héicht wäert bei 3,20 Meter an d'Breet bei 2,40 Meter leien.

**Une voix.-** Kënnt Der lech dat virstellen, Här Garcia?

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.-** Ze bemierken ass, och wann et näischt mam Projet ze dinn huet, mä bestëmmt deen een oder aneren interesséiert, datt dee kleng Restauratiounschalet um Rand vum Site fir de Moment emol a senger jëtzege Form erhalen bleift.

**Une autre voix.-** Do war fréier eng Keelebunn.

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.-** Jo, déi ass och nach haut do, déi Sandkeelebunn. Dir sidd fréier, wéi Der méi jonk waart, alt sécher emol dohinner mat der Frëndin spazéiere gaang.

### **(Interruptions diverses et hilarité)**

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës waren déi wesentlech Elementer vun dësem Projet, e Projet, deen an der Kommissioun zu kengem gréisseren Diskussiounen gefouert huet.

Erlaabt mer awer, Här President, fir nach op e puer Punkten anzegoen. D'Kommissioun hält um Prinzip fest, fir d'Alentouren zukünfteg an d'Bauprojekte mat ze integrieren.

**Une voix.-** Très bien.

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.-** Si ass awer der Meenung, dass bei eenzelne Projeten et vu Virdeel ass d'Alentouren eréischt ze plangen, wann een den Impakt vun engem Projet op säin Ëmfeld naturgetreue abschätze kann. Dës gëllt och fir dës Projet, wou et drëm geet, wéi ech ufanks gesot hunn, d'Projete vum Musée d'Art moderne, vun dem Festungsmusée a vum Circuit Vauban, déi wuel u sech all hir eege kulturell Spezifitéiten hunn, awer enk matenee verknäppert sinn an duerch de Projet vum Park elo zu engem harmonesche Ganze verbonne ginn.

An dëser Optik ass d'Kommissioun der Meenung, dass den Dépôt vun engem Projet iwwert d'Alentouren, wéi mer en haut hei virleien hunn, net nëmme gerechtfertegt ass, mä dee richteg Wee war. En anere Problem ass deen, dass, ier de Bau vum Park an Ugrëff geholl ka ginn, nach virdu verschidden Ausgruewunge vum Service des Sites et Monuments virgeholl musse ginn. Sinn och am Projet de loi 4949 iwwert den Itinéraire culturel Vauban Kreditter virgesinn, fir Fouilles archéologiques, esou ginn elo, vu dass de genannte Projet nach net gestëmmt ass, déi néideg Fouillen iwwert de Fonds pour les monuments historiques, laut Gesetz vum 4. März 1982, Artikel 17, duerghefuert. Déi entsprechend Aarbechte, fir d'Reva-

lorisation vum de Vestigë vum Fort Obergrünwald virzehuelen, si schonn ausgeschriwwen

En aneren Diskussiounspunkt an der Travaux-Publics-Kommissioun huet d'Verplanze vu grousser Beem aus Bëscher a Pépinière concernéiert. Et besteet e Risiko, dass déi Beem net all ukommen, wann se net fachgerecht behandelt a verplazt ginn. Vu dee groussen Opwand, och finanziell, vun esou Verplantungen, hält d'Kommissioun drop, dass eng dräi bis fënnf Joer Garantie am Cahier des charges bei enger Ausschreiwung oder engem Marché de gré à gré virgesi gëtt, déi de Remplacement vun den ofgestuerwene Beem duerch de Soumissionnaire virgesäit.

Last but not least huet den honorable Robert Garcia en Amendement proposéiert, fir den Intitulé vum Projet an deem Sënn ëmzeänneren, dass de Projet sech nëmmen op de Musée d'Art moderne bezitt. D'Kommissioun huet deem net stattginn, well d'Alentoure sech iwwert dëse Projet eraus erstrecken a well den Numm "Dräi Eechelen" e Begrëff fir jiddferen hei zu Lëtzebuerg ass. Den Avis vum Statsrot ass positiv ausgefall. Et ass lediglech zu e puer textuelle Modifikatiounen komm, déi d'Kommissioun ugeholl huet.

Den Devis vum Projet beleeft sech op eng Zomm vu 16.400.000 Euro bei engem Indice semestriel des prix à la construction vu 554,26 um 1. Oktober 2001. D'Dépense lafen iwwert de Fonds d'investissements publics administratifs. Am Devis sinn 160.000 respektiv 1.000.000 Euro fir den Aménagement artistique vum Park respektiv vum Musée d'Art moderne enthalen. Déi jährléich Entretienfraisé vum Park belafen sech op 250.000 Euro.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech denken, dass dëse Projet sech op eng exemplaresch Manéier an déi historiesch wéi kulturell Institutiounen um Kierchbiérg integréiert. Déi Pläng, déi eis virleien, si vill verspriechend. Ech bieden lech dëse Projet mat grousser Majoritéit ze stëmmen a ginn den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet. Ech soen lech merci.

**Une voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Den éischte Riedner ass den Här Jos Scheuer.

### Discussion générale

**M. Jos Scheuer (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat am Joer 1997 déi redoutabel Eier, fir de Rapport ze maachen iwwert de Musée d'Art moderne Grand-Duc Jean. Ech hu mer elo e Plaiséier gemaach, fir dee Rapport e bëssen nozeliesen an hu festgestallt, datt do e bësse méi eng philosophesch Approche dra war wéi déi, déi de Rapporteur vun dësem Projet geholl huet.

Hien hat et vläicht méi liicht, well e jo op déi Viraarbecht konnt zréckgräifen an domat schonn e Jalon gesat war. Dat hei wär natierlech eng ideal Geleeënheet, fir e bëssen ze erënneren zum Beispill un d'Haltung vun der DP, wéi

mer de sou genannte Musée Pei gestëmmt hunn. Déi war guer net esou evident.

### (Interruptions)

Ech ginn dovun aus, dass de Spriecher vun der DP dat selwer erkläert firwat se deemools op de Referendum wollten zréckgräifen, fir de Musée d'Art moderne net bauen ze loossen, awer elo mat grousser Wahrscheinlechkeet d'Alentoure stëmmen. D'Präisser an d'Käschten, déi deemools genannt goufen, do stellt sech d'Fro wéi mer haut domadder do stinn a firwat mer deemools d'Alentouren net mat erageholl hunn.

Mir hunn, wéi mer de Musée Pei en place gesat hunn, legislativ net iwwert d'Alentoure geschwat. Si waren net integréiert am Projet, an ech hunn deemools wéi haut fonnt, datt dat absolut richteg war. Mir schwätzen haut iwwert d'Alentoure vum Musée d'Art moderne. Mir schwätzen iwwert d'Alentoure vum Musée de la Forteresse. Mir schwätzen iwwert d'Abanne vum Vaubanstour an dëse Konzept a mir schwätzen iwwert de Kierchbiérg en général mam Concertssall, mat der Place de l'Europe an esou weider.

De Kierchbiérg ass ouni Zweifel eng Urbanisation an als Urbanisation eng Erweiterung vun der Stad Lëtzebuerg. Mir stëmmen haut 16.400.000 Euro, fir déi Alentouren do kënnen anzeriichten. Wa mer dovun ausginn, datt mer mat enger Präishausse vun 2,5% pro Joer ze rechnen hunn, da wäert dat do net duergoen.

Mir stëmmen déi Zomm do, fir en Ensembl ofzeronnen. Dat ass de Vote, dee mer haut huelen. En Ensembl, wou eng Konzentratioun vu kulturellen Infrastrukture stattfënnt, wou eng Zesummeballung vun Attraktiounen hei geschafe gëtt, wéi et der net zu Lëtzebuerg gëtt. Wäit iwwert d'Grenze bis an eis Nopeschlänner kréie mer net dat gebueden, wat, wann de Kierchbiérg a wann "Dräi Eechelen" esou funktionéieren, wéi dat geplangt ass, dann do stattfënnt.

Et gëtt eng Zesummeballung vu Kultur. Et gëtt e Pôle d'attraction ouni Gläiche geschafe ronderëm Lëtzebuerg. Dee Projet hei ronnt of, mä dee Projet hei, dee schléisst net of. Ech froe mech, wat nach nokënnt. Vlächicht kann d'Mme Minister soe wéi et weidergeet.

Mir stëmmen haut en enorm héije Präis fir d'Alentouren. Et misst een elo emol kucken, wat fir e Prozentsaz et duerstellt am Kader vun deene puer Projeten, déi dann eben hei mat agebonne sinn, mä mir leie mat deem Präis bestëmmt an der Linn, déi mer mam Musée Pei a mam Musée de la Forteresse opgesat haten. Déi Linn ass virgi ginn duerch e Concours d'Architectes-paysagistes. Wat mer haut stëmmen, den Här Strotz huet dat am Detail gesot, ass eng Mëschung vu Jardin français, vu Jardin anglais, mir fannen de Belvédère zréck, mir fanne Sans-Souci zréck, mir fannen d'Châteaux de la Loire, mir fannen de Champs de Mars a mir fannen den Trocadéro zréck.



Op deem dote Site fënnt ee ganz Europa an enger konzentréierter Form zu Lëtzebuerg - wéi den Här President gesot huet - op den "Dräi Eechelen". Dee Site huet eng europäesch Dimensioun, a wann een de Rapport vum Här Strotz liest, da gëtt dat an enger sproochgewaltiger Allure daitlech gemaach. D'Motivatioun ass sproochlech exzellent an e bësse bombastesch. Tëschent deem grapheschen Deel an deem sproochlechen Deel ass näischt dem Zoufall iwwerlooss. Dat eent gräift an dat anert. Ech ginn dovun aus, datt d'Partie écrite zum Plang d'Fundamenter vum Rapport écrit ofginn hunn.

Ech soen dem Här Strotz merci fir de Rapport. Ech hat esou bëssen an der Mëtt vum Rapport d'Impressioun wéi wann en e klengen humoristeschen Toun ageschloen hätt, wéi en iwwer verschidden Elementer geschwat huet, wou Deputéierten anscheinend Keele gespillt hu respektiv spazéiere gaange sinn, wat elo net méi ënnert därselwechter Form méiglech ass.

Ech wëll awer drop hiweisen op ee Mangel aus deem schrëftleche Rapport am zweeten Abschnëtt ënnert de Conditions générales - den Här Fayot huet mech drop higewisen, ech sollt dat hei soen - do steet: "...suite au démantèlement de la forteresse en 1867, il a fallu attendre le XIX<sup>e</sup> siècle pour voir renaître les ruines du site." Ech géif proposéieren, fir aus deem XIX<sup>e</sup> siècle de XX<sup>e</sup> siècle ze maachen, well dat schéngt mer awer ubruecht ze sinn, well just am 19. Joerhonnert si mer stoe bliwwen an et huet e ganz Joerhonnert gebraucht, bis datt mer nees ukomm si fir dat do ze revaloriséieren.

### **(Interruptions diverses)**

Ech hunn net wëlles dee Projet hei haart ze kritiséieren. Ech wollt nëmmen drop hiweisen: Dat soll een net an deem Rapport stoe loossen, well iwwer esou e klenge Feeler kann een eppes Grousses e bëssen dévaloriséieren. Dat soll net de Fall sinn.

### **(Interruption)**

Ech war net do wéi de Rapport ofgestëmmt ginn ass, soss hätt ech drop higewisen.

An deem monumentale Konzept passt alles eran, wat do dra steet. Den Aménagement vun engem Parvis, vun enger Esplanade, vun enger Terrass, vun enger Rampe à gradins an an dee bombastesch monumentale Konzept passt absolut dran, datt een nei Beem dra setzt vun zwielef a vu 15 Meter. Do kann een net kleng gesinn an an iergendeng Bamschoul goen an e Quetschebam dra setzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat féiert fatalerweis - an ech wëll dat ouni Polemik soen an ouni Sectarismus - zur Feststellung, datt elo an der Stad Lëtzebuerg iwwert déi formidabel Investissement, déi realiséiert ginn, vill geschafft gëtt um kulturelle Plang an am Intérêt vum Tourismus. All Projete si bekannt. Mir schafen nei Infrastrukturen, an ech wëll soen, datt déi nei

Infrastrukture mat Liewe gefëllt gi mussen. Ech wollt hei d'Fro stellen: Wéi gesäit et mam Liewen am Musée Pei aus? Wéi wäit si mer do? Wéi wäit huet déi Kommissioun, wéi wäit huet dee Conseil d'administration sech scho viru getaascht um Wee zur Miwwelëierung vum Musée?

Fir déi Infrastrukturen ze beliewen, brauche mer natierlech Gestionsstrukturen, déi dat Ganzt zesummenhalen. Dee Filet vu Strukture kann net nëmmen iwwert de Kierchberg geluegt ginn oder iwwert d'Stad Lëtzebuerg als Ganzt, mä dee muss all déi Infrastrukture begräifen, déi niewent dem Zentrum elo och am Süden opgebaut ginn an déi dann och - ech erlabe mer dat ze soen - fir den Norde geplangt sinn a fir den Osten - Dir wäert mer dat verzeien - geplangt sinn.

Wa mer dat net maachen, riskéiere mer bombastesch Infrastrukturen, iwwerdimensionéiert Infrastrukturen am Norden an am Osten ze hunn, vläicht och am Süden, déi dann iwwerrannt gi vun deem Liewen, wat an der Stad a ronderëm d'Stad Lëtzebuerg pulséiert. A wa se net iwwerrannt ginn, da gi se paralyséiert duerch super Säll, duerch super Muséeën, duerch super Manifestatiounen. Ech wäert keng Geleeënheet verpassen, fir deen Appel ze widderhuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech iwwerbréngen dann den Accord vun eiser Fraktioun. Ech ginn awer dovun aus, datt mäi Fraktiounspresident, den Här Krecké, sech op seng bekannt kritesch Aart a Weis zu deem Projet äussert, awer dann net un d'Fundamenter vum Accord réckele geet.

Ech weess net, ob hien elo schwätzt iwwert d'Steng aus der Bourgogne, ech weess net, ob hie schwätzt iwwert de Projet 4949, ob e schwätzt iwwert d'Noutwendegkeet, fir d'Ausgruewungen um Park "Dräi Eechelen" esou séier wéi méiglech ze maachen, fir datt deen dote Projet ulafe kann. Wann dat net geschitt, da krit dee Projet hei e grouse Retard. Ech sinn iwwerzeegt, datt en op jidde Fall begréisst, datt de Restaurant, deen ewell do ass, bleift, e Relikt aus der gudder aler Zäit, un dee bestëmmt verschidden Deputéierten sech nach mat Freed erënneren.

**M. le Président.-** Merci, Här Scheuer. Den nächste Riedner ass den Här Schummer, fir iwwert d'Alentoure vun den "Dräi Eechelen" ze schwätzen. Merci.

### **(Interruption)**

Jo, Här Rapporteur?

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.-** Ech wollt just soen, dass ech d'Geschicht net nei erfount hunn. Ech hunn dat aus dem Rapport erausgeholl, wou steet: "...ce n'est qu'au XIX<sup>e</sup> siècle que les ruines du site renaissent de leurs cendres. Le plateau est aménagé en parc récréatif par l'architecte André."

**M. Ben Fayot (LSAP).-** Jo, mä Här Strotz, de Saz ass e bëssen onglécklech. Dir hutt Recht domat, dass am

19. Joerhonnert d'Romantiker al Gemaier erëm erfionnt hunn an déi e bëssen aménagéiert hunn a souguer neier dobäi gemaach hunn, wéi den "Huelen Zant" am Clausener Bierg.

**M. le Président.**- Mir ginn op aacht Auer zou. Den Här Schummer huet d'Wuert.

**M. John Schummer (DP).**- Merci, Här President. Eigentlech hätt op dëser Plaz mäi Fraktiounskolleeg Niki Bettendorf sollen zu dësem Projet schwätzen.

Well awer den Niki Bettendorf gëschter an der Zitaklinik operéiert ginn ass an net kann hei sinn, muss ech dat maachen. Wëssend awer, dass e mat sengem strenge Blëck wahrscheinlech alleguerten déi Debatten hei vu sengem Klinikbett verfolge wäert, wënschen ech em vun hei aus eng gutt Besserung a surtout eng gutt Rééducation, dass e ganz séier erëm esou gewieweg an esou flénk gëtt, wéi mer dat vun em gewinnt sinn, an dass mer en erëm esou bei eis hunn.

**(M. Jean Spautz reprend la Présidence)**

Dat gesot, muss ech awer dem Här Scheuer soen, dass effektiv d'Demokratesch Partei eng aner Haltung hat, wat de Musée d'Art contemporain Grand-Duc Jean beträff huet. Dat ass gewosst an dat ass an alle Schrëftstécker vun dësem Parlament nozeliesen, mä leider ass net op eis gelauschtert ginn.

**(Interruption)**

Mir hunn deemools keng Majoritéit kritt fir eis Iddi, mä als gutt Demokraten hu mer dee majoritaire Choix akzeptéiert a mir schaffe konstruktiv mat weider. Et tout est dit.

**Une voix.**- An Dir kommt och op d'Receptioun vun der Ouverture?

**M. John Schummer (DP).**- Ech wësst net, firwat datt ech net géif dohinner kommen.

Mir waren emol an der Zäit mat de Sozialisten an enger Regierung. Mir hu ganz vill gutt Saache gemaach an deemools ass och dono d'CSV net higaangen an huet verschidde Saachen erëm ofgeschaaft.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Do waart Dir awer nach net an der Politik.

**M. John Schummer (DP).**- Nee, du war ech nach net dran.

**(Hilarité)**

Dir och nach net, Här Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dach, du war ech schonn dobäi.

**M. John Schummer (DP).**- Neen, dunn hate mer kuerz Boxen un an dunn hu mer Basket zesumme gespillt.

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Et gëtt elo awer net méi bëlleeg duerch d'Demokraten.

**M. John Schummer (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi gesäit den Aménagement vun engem Park ronderëm de Musée d'Art moderne Grand-Duc Jean an de Musée de la Forteresse vir, grad esou wéi eng Bréck virgesinn ass, déi déi zwee Muséeën soll matenee verbannen.

Ech ginn a menger Interventioun, déi ganz kuerz ass, net méi op all Detailer an, well den Här Strotz huet dat jo in extenso a sengem schrëftlechen an a sengem ganz ausféierleche mëndleche Rapport gemaach. Ech mengen deem ass näischt méi dobäizefügen. Ech wëilt him merci soe vun dëser Plaz aus.

Et sief just gesot, dass et eng Rei vun Elementer ginn, déi et absolut rechtfertegen, dass een ee Park op där Plaz aménagéiert. Eent vun deenen Elementer ass dat, dass d'Plaz vun den "Dräi Eechelen" eng beléifte Plaz ass, wou d'Leit schonn ëmmer, säit Generatiounen, gäre spazéiere gaange sinn a sech gären erholl hu vun de Schaffdeeg.

Weiderhi gëtt jo elo just hannert den "Dräi Eechelen" d'Place de l'Europe aménagéiert mat all deene Projeten, déi mer jo kennen. Do entsteet e ganz neie Quartier, deen duerch d'Europäesch Institutiounen, duerch de Concertsall an duerch den Hotel, deen an enger spéiderer Phas bäigebaut gi soll, nei a méi beléift gi soll.

Mat dem Aménagement vun dësem Park gëtt also probéiert, den harmonéisen Iwwergang vun der Place de l'Europe op de Musée d'Art moderne an op de Musée de la Forteresse ze realiséieren. Iwwert de Vaubanswee gëtt d'Stad mat dësem Deel vum Kierchbiere fir de Foussgänger harmonesch verbonden. Esou wéi sech dat ugesäit, gëtt dat bestëmmt ganz flott, mä et soll een awer net vergiessen, fir an deem Kader eng variéiert Restauratioun weider ze garantéieren.

Mäi Kolleeg Niki Bettendorf hat dat jo an der Kommissioun opgeworf, wou mer du verséichert kruten, dass Restauranten an deenen eenzelne Muséeën virgesi sinn, an datt sech Gedanke gemaach gi wéi een nach anescht déi Plaz ka beliewen. Et mécht eis Freed, dass besonnesch de Restaurant Chalet "Dräi Eechelen" mat senger flotter Terrass erhalen bleift. Ech mengen et ass nëmmen normal, dass een op esou enger flotter Plaz esou e Service ubitt.

Et muss een dat och aus enger Siicht vun den Touristen gesinn. Et muss e Liewe mat Convivialitéit entstoën. D'Leit solle sech roueg do ophalen a sech wuel fillen.

Här President, ier ech ofschléissen, eng lescht Remarque: An der Bautekommissioun hu mer festgehalten - mä Virriedner, den Här Strotz, huet dat jo och gesot -, dass mer prinzipiell mengen, dass d'Alentoure vun de Projete missten an de Projeten dobäi sinn. Mir waren awer ganz kloer der Meenung, dass dëse Projet, wat de Musée d'Art moderne, dee vum Circuit Vauban, dee vum Musée de la Forteresse an dee vum Park "Dräi Eechelen", wat eben déi Alentoure betrëfft, e Ganzt duerstellen. Duerfir ware mer der Meenung, dass et berechtigt wier, fir dass déi

Aménagement an engem gemeinsame Projet de loi géingen opgefouert ginn.

Fir ofzeschlësse kann ech nëmmen nach eng Kéier ënnersträichen, dass op der Plaz vun den "Dräi Eechelen" elo e schéinen Eck entsteet - deen et schonns ëmmer war, mä deen elo nach vill méi schéi gëtt - an an deem neie Quartier, deen do entsteet, e volle Succès wäert ginn, deen dee Quartier nach vill méi zur Geltung brénge wäert. Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**Des voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Robert Mehlen.

**M. Robert Mehlen (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur huet eis hei op eng plastesch Aart a Weis duergeluegt ëm wat et hei geet. Et ass e ganze Pak vun Investissementer. Et geet zwar haapt-sächlech ëm d'Alentouren, mä et sinn nach en etlech aner baulech Moossnamen, ënner anerem déi Passerelle do, an deem Projet mat dran.

Am Ganze geet et hei ëm ronn 650 Milliounen Lëtzebuerger Frang. Et ass jo déi prinzipiell Diskussioun déi lescht Zäit dacks gewiescht an net esou ouni Grond, wuerfir datt mer esou dacks Projeten hunn, wou d'Alentouren net derbäi sinn. Hei kann ee soen: Et ergëtt sech jo gutt, well hei méi Projeten dovun beträff sinn, an da kënne mer dat elo alles zesummen ofwéckelen.

Mir sinn awer grondsätzlech der Meenung, datt an Zukunft kee Projet méi därëf kommen, wou d'Alentouren net dra sinn. Dat gehéiert einfach zur Véridicéit vun engem Projet an zur finanzieller Transparenz. Duerfir kann ee soen: Hei ass dat zwar elo esou an der Rei, mä an Zukunft därëf et net méi virkommen.

Hei gëtt ganz vill Geld an d'Alentouren investéiert. Dat ass e gutt Zeechen, well dat ass een Zeechen, datt de Stat vill Geld huet. Wa mer dat net hätten, da géinge mer sécher net esou vill dran investéieren.

Ech wëll gläich, well den Här Scheuer hei schonn drop higewise huet, datt mer nach op villen anere Plaze Projeten hunn - hien huet zwar méi vun der Gestiou vun deenen Ariichtunge geschwat, déi mer geschafen hunn -, mä ech wëll bei därer Geleeënheet drop hiweisen, datt mer am Oste Vestigen hunn, déi vill méi al sinn, ech schwätze vum réimeschen Theater zu Duelem, wou et néideg wär, datt mer e puer Milliounen géinge fannen - hei geet et ëm 650 Milliounen -, fir dee Site och esou ze aménagéieren, wéi en et verdéngt, an en net, nodeem datt e 1.700 bis 1.800 Joer ënnert dem Buedem geleeën huet, elo futti goe loossen, well d'Waasser dra kënnt an de Frascht e futti mécht. Dat gesot wëll ech zum Projet zrëckkommen.

Et muss ee sech froen, ob hei net a muncher Hinsicht iwwerdréiweg gëtt, an ob mer net dach awer, wou mer d'Obligatioun hunn, suergsam mat de Steiersuen ëmzegeen, hei d'Geld zur Fënster erausgeheien. Ech ginn als

Beispill: Amplaz dat, wat een normalerweis en bon père de famille mécht, Beem unzeplanzen, déi nach jonk sinn, wou een normalerweis kee Problem huet, fir se unzeplanzen an déi och normalerweis gutt uwuessen, soll hei jo anscheinend probéiert ginn, eng ganz Partie grouss Beem do ze implantéieren, wat natierlech enorm vill Sue kascht. Dat ass iergendwéi esou e Reflex wéi bei de klengen Kanner, déi ëmmer gären alles direkt hätten, well mer keng Gedold hunn ze waarden, bis datt d'Beem grouss sinn.

Ech wëll e Wuert zu där Passerelle soen, déi bal 50 Milliounen Frang kascht. Do gëtt engem gesot, datt dat net ganz glécklech wär, well e wichtegen Deel vun dem Fort doduerch zerstéiert gëtt, well déi Passerelle an den normale Circuit vum Musée de la Forteresse intervenéiert an d'Leit iergendwéi dozou verleet, net op hirem normale Circuit virun ze goen, an datt déi Caponnière - an et ass gesot ginn et wär déi eenzeg, déi nach erhalen ass - doduerch net kann de Leit gewise ginn. Dat ass eppes, wat besonnesch vun de Frënn vun der Festung, vu Leit, déi op deem Gebitt schaffen, bedauert gëtt, datt do keng aner Solutioun gesicht ginn ass: 50 Milliounen fir 17,70 Meter Passerelle ass kee schlechte Chiffer. Ech menge fir dat Geld hätt ee wahrscheinlech eng aner Solutioun kënne fannen.

Ech hu mech e bësse gewonnert, Mme Minister, iwwert d'Architektrefraisën, déi - ech schwätze léiwer a Frangen, well jiddfereen dat besser ka saisiéieren - iwwer 100 Milliounen vu 650 Milliounen ausmaachen, dat si 15,5%. Dat schéngt mer net weéng ze sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn hei a Presenz vun engem Devis vu 650 Milliounen, ech hunn et scho gesot. Ech wëll hei menger Hoffnung Ausdrock bréngen, als Member vun der Budgetskontrollkommissioun, datt dës Berechnunge reell sinn, an datt mer net wéi an der Vergaangenheet esou dacks mat Projete konfrontéiert ginn, well et erëm zu Iwwerschreidunge komm ass a well et mat de Kreditter net duergeet.

Ech wëll och hei menger Hoffnung Ausdrock ginn, datt et bei den Ausschreiwunge reell erofgeet, an datt d'Spill vun der Konkurrenz voll zum Droe kënnt. Dat schéngt nämlech bis elo net ëmmer esou gewiescht ze sinn.

Här President, well mer ganz kuerz virum Ofschloss vun därer Sessioun sinn an net vill Geleeënheet méi kréie virun der Réouverture am Oktober, fir zu där Problematik an zu där Thematik ze schwätzen, wëll ech vun där Geleeënheet profitéieren, fir op déi aktuell Situatioun - well hei ass jo deelweis, wa mer vum Parvis schwätzen a vum Aménagement artistique vum Musée - vum Musée ze schwätze kommen, well et jo och do ëm d'Exécutioun vum Budget geet an ee sech d'Fro muss stellen: Wéi gëtt dann dat hei exécutéiert?

An der Problematik vun de Steng ass ganz vill Geld am Spill. Et gëtt vill Polemik an der Öffentlechkeet gefouert. D'Leit froe sech, wat dann elo richteg a wat falsch ass. Et

gëtt Beschëllegungen de part et d'autre an der Press ausgetosch. Beschëllegungen, déi net vun Hee a vu Stréi sinn. Et si ganz besonnesch rezent verschidden Aussoe vun engem neutralen Expär, dee vun deenen zwou Säiten, dat heescht vun enger Entreprise a vum Ministère akzeptéiert ginn ass, déi fir ganz vill Gedäisch dobausse gesuergt hunn a fir ganz vill Froen, déi d'Leit sech entre-temps stellen.

Et gëtt eng ganz krass Kontradiktioun tëschent dem Ministère an den Aussoe vun deem neutralen Expär. Hei steet ganz eindeuteg d'Crédibilitéit vum Ministère um Spill. Den Expär seet zum Beispill: An deem Steebroch, wou dee Stee soll hierkommen, do wär net méi genuch vun deem Stee fir de Pei-Musée auszestafféieren. De Ministère seet: Dat ass net wouer, et ass de Contraire. Den Expär seet: De Steen ass net gëeegent, fir en op de Buedem ze leeën. E misst no 20 Joer ersat ginn.

Mir hunn elo éinescht vun Entretienskäschte geschwat. Och dat ass eng Fro, déi eis als Chamber muss beschäftegen, well et jo net duergeet, datt mer eppes dohinner setzen, mä datt mer och musse kucken, datt den Entretien esou niddreg wéi méiglech gehale gëtt.

Den Expär seet de Stee wär vill ze mëll an et wär e Rieseblödsinn, fir esou e Steen op de Buedem ze leeën. D'Bauverwaltung hält trotzdeem un deem Stee fest. Den Expär seet et wär total ongewéinlech - an hei kommen ech op d'Fro vun der Konkurrenz, déi jo awer muss spillen -, fir sech op ee Steebroch ze fixéieren. Ech zitieren aus deem Interview, deen hien dem Télécran ginn huet: "Man geht doch nicht hin und kreiert selbst eine Monopolstellung, die gegen einen ausgenutzt werden kann. Ich habe so etwas noch nie erlebt."

Den Här Pei, seet den Expär, wär zu Berlin d'accord gewiescht fir op Demande vum Senat, als Bauhär, en anere Steen, nämlech e Granit op de Buedem ze leeën.

D'Bauverwaltung hirersäits seet, dat wär net wouer, an insistéiert, fir de Magny doré aus der Bourgogne, deen ze mëll soll sinn an deen et an där Steekaul net méi soll ginn, trotzdeem an de Musée Pei ze leeën. Dozou seet den Expär - ech zitieren erëm: "Herr Pei will als Architekt einen Stein mit einer bestimmten Farbe und einer bestimmten Struktur. In diesem Fall scheint es mir aber so, dass die Regierung in Luxemburg nur diesen Stein aus diesem Steinbruch will. So wie sich das darstellt, ist das schon ein bisschen eigenartig."

Des Weidere seet den Expär, dass den Architekt de Beroder vum Bauhär ass, an deem Fall de Ministère oder d'Bauverwaltung, well deen ze entscheeden huet, well hien de Bau ze veräntweren a besonnesch d'Käschte vum Entretien ze vertrieben huet.

Här President, hei gëtt géint all Vernunft op stuer geschalt an drop bestanen, e Steen ze leeën, deen et, éischters, laut deem amtlichen, neutralen Expär net méi gëtt, an deen, zweetens, manifestement net gëeegent ass fir op

de Buedem geluegt ze ginn. Dat, obschonn et ähnlech Kalleksteng a vill besserer Qualitéit en masse gëtt.

De Ministère huet elo en zweeten Expär beméit, deen eng KonterExpärise gemaach soll hunn, déi zu engem anere Resultat kënnt. Wéi et aus engem Schreiwes vum Institut de l'Expärise vu Paräis ervirgeet, ass deesen Expär dem Institut awer net bekannt an och net op der Expärelëscht agedroen. Och dat dréit net dozou bäi, d'Vertrauen an de Ministère an an d'Verwaltung ze stäerken. De Verdacht vu Manipulationen zugonschte vun enger bestëmmter Firma, déi vill méi deier offréiert huet, steet am Raum a gëtt esou offen ausgeschwat. Hei muss esou séier wéi méiglech Kloeerheet geschafe ginn, och am Hibleck op déi Aarbechten, déi vun deem Projet de loi viséiert ginn.

Här President, den Donneschdeg ass eng Sitzung vun der Commission du Contrôle de l'Exécution Budgétaire ageruff, also iwwermer. Leider ass de Programm vun där Sitzung sou surchargéiert, datt fir dese Problem, deen eis alleguer muss mat Besuegneris erfëllen, nëmmen zwanzeg Minutte reservéiert sinn. An deenen zwanzeg Minutte kann ee ganz sécher hei net zur Kloeerheet kommen, mä mir sinn hei an der Phas vun der Exécution budgétaire. An eiser Opfaassung ass d'Chamber och während der Phas d'exécution gefuerdert, wann et zu enger Situatioun kënnt wéi mer se elo erliewen.

Et dierf op jidde Fall net hei zu enger Situatioun kommen, datt mer iergendwann eng Kéier feststellen, et wier ze spéit, well d'Kand schon am Pëtz läit.

Dat gesot, Här President, hoffen ech, datt mer an där Fro hei, déi zu groussen Irritatiounen dobausse gefouert huet, sou séier wéi méiglech Kloeerheet kréien. Et muss sécher-gestallt sinn, datt mat oppene Kaarte gespillt gëtt, datt d'Exécutioun net nëmmen am Intérêt vun der Konscht vum schéinen Aspekt gemaach gëtt, mä dass se och am Intérêt vum Steierzueler gemaach gëtt, dat heescht éischters, datt d'Ausféierung zum beschtméigleche Präis an natierlech awer och an der beschtméiglecher Qualitéit gemaach gëtt.

Ech hoffen, datt, wa mer och haut, an och iwwermer an der Kommissioun, keng Klärung kréien, dat heien awer sou séier wéi méiglech gekläert gëtt, am Intérêt vun der Transparenz a vum Steierzueler, dee leschten Ends d'Rechnung muss bezuelen, wann eppes schif geet.

Ech soen Iech merci.

**Une voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech weess net fir d'wéi villte Kéier ech an de leschten dräi Joren eng Ried ufänken a soen, mir géifen haut erëm an den Altlastekadaster vum fréiere Bauteminister Goebbels wulle goen, an do eppes eraushuelen, aus sengem berühmte Palmarès.



Dir erënnert Iech, datt den Här Goebbels, all kéiers wann e vum Lëtzebuerger Wort heihinner gekrach komm ass, fir e bësse Zizanie bei de Sozialisten ze stëften, nom Motto gehandelt huet: "Je persiste et je signe". Den Här Goebbels huet jo och ni Schwieregkeete mat all deenen Dépassementen, déi en hei accumuléiert huet an all deene Joren, wou e Bauteminister war.

Dat heizen ass och erëm sou eng typesch Altlast vum fréiere Bauteminister. Et ass eng plump Mogelpackung, déi mir och schonn an der Kommissioun sou dénoncéiert hunn. Wann een am Ausland géif verzielen, dass mir lo higinn a fir 650 Milliounen anciens Lëtzebuerger Frang e Park schafen - sou ass jo den Intitulé vum Projet -, deen et scho gëtt, a wou nach Generatiounen vu Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger an Ausländer déambuléiert hunn, da misst all Mënsch doriwwer de Kapp rëselen, beziehungsweise laachen oder kräischen.

A Wierklechkeet misst dee Projet hei natierlech anescht heeschen, a souguer an engem Text vun der Regierung selwer, nämlech am Amendement zu deene Projeten um Kierchbierg, heescht et - ech zitieren dat nach eng Kéier -, et ass bei der éischter supplémentaire financierer Rallonge fir de Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean: "Finalement il y a lieu de relever que le devis complémentaire ne contient pas les aménagements extérieurs qui feront partie d'un projet de loi à part regroupant l'ensemble des aménagements extérieurs à réaliser autour du Fort Thüngen."

Also, d'Regierung selwer seet an deem Text schonn, dass et sech hei net ëm de Park Dräi Eechelen handelt, mä ganz einfach ëm de Projet vun den Alentouren vum Pei Musée.

Et ass natierlech d'Suite vun enger Salamistaktik fir scheifchesweis Stécker vun engem pharaonesche Projet ze presentéieren, deen am Ufank sou net duerchgaange wär. Mir erënneren eis nämlech, dass déi Originalversion vum Pei Musée ënnert dem Här Santer fënnef Milliarden anciens Lëtzebuerger Frang hat. Et war natierlech kloer bei den Diskussiounen deemools, dass och de Montant ee vun deene Grënn war fir déi staark Resistenz an der Bevëlkerung an och vu verschidde politesche Kräfte. Dat ass deemools zréckgeschrumpft ginn op dräi Milliarde Lëtzebuerger Frang, an aus dem projéierte Winterpalast ass dunn e Wintergarten oder e Gaardenhaische gi vun dräi Milliarden.

Wann een natierlech lo déi supplémentaire Kreditter kuckt vu 478 Milliounen Lëtzebuerger Frang am Joer 2001, e supplémentaire Projet vu 650 Milliounen Lëtzebuerger Frang am Joer 2002, da si mer schonn op iwwer 4,2 Milliarde Lëtzebuerg Frang. Ech denken, mat e bësse Klimbim ronderëm, si mer herno awer bei deene fënnef Milliarde vun deem originelle Projet. Da misst ee sech scho bal zynesch froen, vu dass de Fort Thüngen zum gréissten Deel zerstéiert ginn ass, ob een net awer hätt sollen dee Winterpalast bauen, dann hätt een éischters eppes

Ordentlech gehat, amplaz elo e Gaardenhaischen do stoen ze hunn, wou natierlech muss e Park ronderëm gebaut ginn.

Wéi gesot ass et eng Mogelpackung. Dem Rapporteur säi Rapport war jo ganz exhaustiv. Ech hu jo och fairerweis en Amendement gemaach fir den Intitulé vum Projet ze ännere vum Park Dräi Eechelen an Alentours du Musée d'Art Moderne. Dat ass natierlech refuséiert ginn. Ech hunn dat awer och baséiert net nëmmen op engem Gefill, mä och op Chifferen. Wann een nämlech de Budget kuckt vun deene 650 Milliounen anciens Francs, da sinn do 2,6 Milliounen Euro - well ech lo an Euro wëll switchen -, dat si mol keng 20% vun deenen Dépenses, déi deen eigentleche Park betreffen. Dofir hunn ech heiansdo eng Tëscheremarque gemaach beim Rapporteur fir ze froen, wou de Park bleift. Well den eigentleche Park, wat ech als Park verstinn, nämlech d'Geséims vu Wues a Planzen, d'Planzen beziehungsweise d'Ofholze vu Beem, Graminées, a sou weider, mécht knapps 20% vum Budget. De Rescht sinn Terrassementer a Magny doré oder ech weess net wat, Versigelung vu fräie Flächen, et ass eng Passerelle tëchent zwee Muséen, Belichtungen, etc., etc. Da gëtt dat Ganzt nach e bësse verkaaft mat dem Motto Développement touristique durable. Dat klängt schonn an deem Kontext e bësse wéi en Hohn.

Mir waren deemools géint de Pei Musée op där doter Plaz an an där doter Envergure. Et ass natierlech kloer, dass mer deen heite Projet och net wäerte stëmmen, obwuel mer zouerkenne mussen - well ech mech selwer privat ganz vill mat esou Paysagismus beschäftege -, dass ech natierlech ganz vill interessant Elementer an där geringfügiger Transformatioun vun deem bestehende Park ganz gutt fannen.

Ech wëll awer och e Wuert zu de Folgekäschte vun deem heite Projet soen, well mer jo och e supplémentaire Budget fir den Entretien annexéiert kritt hunn. Ech war awer e bessen erstaunt do ze liesen, dass den Entretien vun deem Park 250.000 Euro pro Joer kascht, dat sinn also zéng Milliounen anciens Francs. Ech weess net, wien de Moment de Park do fleegt, ob dat d'Servicer vun der Stad Lëtzebuerg sinn, oder vum Enregistrement. Dräi Eechelen huet jo bis elo dem Enregistrement gehéiert, dofir weess ech net, ob déi dat lo gemaach hunn. Op jidde Fall gëtt dee Park jo awer och iergendwou minimal gefleegt.

Mir kréien also lo e supplémentaire Park, deen et awer scho gëtt, an dee bréngt nach eng Kéier zéng Milliounen Lëtzebuerger Frang jährléich u Käschten. Ech wëll elo net, wéi verschidde Gewerkschaften dat gemaach hunn, déi Käschten op Spidolsbetter oprechnen, mä ech bleiwen einfach am Kulturberäich. Ech gesinn dann, dass zum Beispill am Budget vum Joer 2002 de Soutien à la production littéraire 243.000 Euro beträgt, also net grad déi Käschten, déi e Joer Fleeg vun deem Park do verbucht. Dann zum Beispill d'Konventiounen fir d'Activités socio-culturelles mat de Gemengen, déi schloe mol net mat

der Halschent vun deem zu Buch, wat d'Fleeg vun deem Park do kascht, nämlech 116.000 Euro. D'Bourses fir d'Création artistique sinn 160.000 Euro, wat jo och nëmmen 2/3 si vun den Dépense fir dee Park. D'Presse culturelle kritt mol net d'Halschecht vun deem, wat d'Fleeg vun deem Park kascht, nämlech 109.000 Euro, an d'ALAC, déi Agence, déi an dem Gefolleg vum Kulturjoer hätt sollen d'Lëtzebuurger Kulturlieden insgesamt dynamiséieren, huet e Budget annuel vun 190.000 Euro. Den eenzegen Trouscht, dee mer nach dobäi hunn, ass, dass de Budget annuel vun der Fondation Musée d'Art Moderne, deen et jo nach guer net gëtt, zwou Milliounen Euro ass, also nach wesentlech méi wéi d'Käschte vum Park.

Dat gesot, wëll ech natierlech net d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ginn. Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Jeannot Krecké.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här President, ech wäert probéieren Är Nerven net ze strapazéieren. Mir hunn nämlech fir den Donneschdeg déi Budgetskontrollkommissioun eben ageruff, fir iwwer zwee Problemer ze schwätzen, notament, déi am Rapport mat dësem Projet sinn. Éischtens d'Problematik vun de Fouillen - dierf ech en absence vum Gesetz 4990 dat maachen oder net, dat solle mer zu deem Zäitpunkt klären, a wann do d'legal Basis dofir besteet, dann ass domat dee Problem och geléist. Dat wäerte mer da klären.

Den zweete Punkt vum Här Mehlen géif ech mengen, hätt ech op den Ordre du jour gestallt, wuel mat zwanzeg Minutten, awer wann den Här Mehlen gär eng Stonn driwwer schwätzt an en huet den Accord vun all deenen, déi do setzen, dann hunn ech kee Problem fir dat och an enger Stonn ze maachen. Mä ech weess net, ob jiddereen d'Nerven huet - et ass de véierte Punkt -, fir dat nach an deem Mooss ze maachen.

Ech wëll dat net ënnert den Dësch kieren, well ech deen Avis och gelies hunn an och déi géigesätzlech Duerstellungen an ee sech awer eng Rei Froe stellt, mä ech mengen, et ass net op dëser Plaz wou mer dat solle maachen, well mer soss d'Reunioun vum nächsten Donneschdeg ofsoen, zumindest wat deen dote Punkt ubelaangt. Dofir géif ech Iech allegueren bidden, eis dat hei ze erspieren, souwuel der Ministesch wéi mir selwer, an da géife mer dat den nächsten Donneschdeg maachen.

Wann ech Är Nerven net wëll strapazéieren, dann ass dat och well ech net dee philosopheschen Exkurs kapabel sinn ze maachen, dee mäi Kolleeg Jos Scheuer gemaach huet, obschonn ee sech gewünscht hätt, dass een eventuell hätt kënnen deelhuelen un den Diskussiounen am Kader vun der Kommissioun, well, wann ech am Rapport liesen - an de Rapport gëtt jo ëmmer dat erëm, wat an der Kommissioun geschitt ass, dat ass jo d'Essenz vun engem Rapport vun esou enger Envergure -, da stellt ee sech vir, wat een alles verpasst huet, notament wann

iwwert d'"large Rampe d'accès depuis la Place de l'Europe vers le Parvis du Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean fortement arborée, ombrée avec ses gradins permettant la découverte du site en position assise" geschwat ginn ass. Ech hu mer dat alles virgestallt, wéi Der dat geübt hutt an der Kommissioun, a wéi Der och genoss hutt: "de la Place de l'Europe très minérale et artificielle jusqu'à..." - lo muss ech bal zrëckgoen - "la pente naturelle du coteau vers la vallée du sud-est, le parc présentera une gradation de l'urbain vers le naturel". Ech hu mer do geduecht, doduerch dass ech awer net an där Kommissioun present war, hunn ech manifestement eppes verpasst, well de Rapporteur selbstverständlech exakt déi Diskussiounen erëmginn huet, déi stattfonnt hunn, huelen ech un, an der Kommissioun.

### **(Interruptions et hilarité)**

Jo, ech weess, mir feelt eppes.

Dat gesot, muss ech awer soen, dass ech an engem Punkt der Bauteministesch ka Recht ginn, an dem Här Garcia nun eben net Recht ka ginn, nämlech wat de Fait ublaangt, dass een hei e Projet huet, wou d'Alentouren à part an engem Gesetz festgehalen sinn. Ech mengen, mir hunn an der Budgetkontrollkommissioun beschloss, an Dir hutt massiv mat Ausnahm vun dräi Irréductibles d'Zoustëmmung ginn, dass mer an Zukunft allegueren d'Alentouren ëmmer sollen abannen, an och d'Ministesch huet déi Zoustëmmung scho vill méi laang virdru bei de Projekte ginn.

Pardon, et war d'Mme Brasseur, Dir net. Mä Dir sidd awer an enger Regierung.

### **(Interruption)**

Bon! Et mengt een ëmmer, wann Der an enger Regierung wiert, dass Der och enger Meenung wäert, zumindest an esou wesentleche Punkten, mä dat schéngt jo dann net de Fall ze sinn.

### **(Interruption)**

Dir wësst, dass ech e groussen Naiven a sou Saache sinn. Dës Kéier muss ech Iech Recht ginn, wat d'Envergure vun deenen Alentouren do ugeet. Wat d'Problematik vun de Fouillen ubelaangt op deem dote Site, hunn ech absolut Verständnis dofir, dass een e Projet à part mécht.

Mir gi jo awer lo net dovun aus, Här Garcia, dass eist ganz Land Fort- Thüngen op allen Enner an Ecken huet an dass mer lo op alle Plazen, op all Wiss, wou mer lo eng Schoul wäerte bauen, och elo an deem Mooss Fouillen a Restauratiounen an allméiglech Vaubanstiern nach mussen niewendru maachen. Dofir sinn ech der Meenung, dass et hei appropriéiert war, well och net de Montant deementsprechend grouss ass, mä well d'Envergure dovun effektiv net anzeschätze war zu deem Zäitpunkt, wou dee Projet ugefaange ginn ass.

Mä ech wëll der Mme Bauteminister ganz kloer soen, dass ech dat heiten als eng Exceptioun gesinn; mir fanne

vläicht nach eng Kéier eng Exceptioun, mä et ass awer net d'Regel, an d'Regel soll déi sinn, déi mer hei an der Chamber festgehalten hunn, dass d'Alentouren agebonne sinn an de Projet, an da muss een d'Alentoursen sou plange wéi een och muss plangen, d'Fënster a wou se hikënnt an d'Heizung a wéi se muss gestalt sinn, dat muss een eben am Virus plangen, M ech gesti gären an, an dësem Fall war dat net virauszegesinn. Dofir sinn ech och domat d'accord.

Ech muss allerdéngs soen, dass ech dem Här Garcia säin Exkurs iwwert de Präis an iwwert d'Instandsetzung par après awer deelweis muss deelen. Et mutt relativ komesch un, wa mir hei e Park, wéi e gesot huet, deen op alle Fall a groussen Deeler bestanen huet, fir 640 Milliounen lo gestalten. Och dat, wat en duergeluegt huet, wat den Entretien ubelaangt, léisst zumindest mech nodenklech ginn.

Mäi Fraktiounskolleeg Scheuer huet gesot, eis Fraktioun wäert dat stëmmen. Ech wäert dat do och waméiglech stëmmen, mä ech hunn awer trotzdeem meng héchst Bedenke wat de Präis ubelaangt a virun allem wat den Entretien ubelaangt, deen net Bestanddeel vun dësem Projet de loi ass, mä wou ech dem Här Garcia a ville Punkten awer muss Recht ginn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - D'Wuert huet elo d'Ministesch vun den öffentleche Bauten, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'éischt dem Rapporteur, dem honorablen Här Strotz, merci, datt de Projet nach virun der Vakanz konnt gestëmmt ginn. Dat war och fir d'Kommissioun eng Leeschtung fir nach d'Aarbechte sou séier virunzedreiwen.

Ech sinn natierlech der Meenung, dass mer net ëmmer allze vill prosaesch solle sinn, a besonnesch bei kulturelle Projeten, wann ee gesäit, wat eis Virfuere munchmol Courage haten a wat se investéiert hunn an d'Kultur a wat se manner haten a vill méi aarm ware wéi mir, da musse mer eis awer vläicht och emol d'Fro stellen, ob mer net nëmmen a grad ëmmer bei der Kultur dann op eemol fannen, datt et ze deier ass.

Dir Dammen an Dir Hären, et geet hei ëm en Areal, dat esou grouss ass wéi fofzéng Fussballsterrainen. Rechent Dir lech emol alleguerten aus, wat d'Astandsetzung vun engem Fussballterrain kënn. Da kommt Der ganz genee op dëse Betrag. Ech wäert lech soen, Dir fannt keen, deen eng Oppositioun mécht, wann am Land fofzéng Fussballsterrainen an d'Rei gemaach ginn. Ech hu jiddefalls nach kee gesinn. Ech woe jo net vun den Dépassementer vun de Kreditter fir den Tour de France ze schwätzen. Ech woe jo mol net dat Beispill ze ernimmen, well do ass sech jo mat fliegenden Fahnen dohanner gestallt ginn. Dann op eemol bei der Kultur gi mer hei la petite bête sichen.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).** - Mme Minister, ech sinn net d'accord mat där Ausdehnung vum Kredit vum Tour de France. Ech signaléieren lech dat.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.** - Ech wëll hei ganz kloer a Relatioun stellen, wat a Relatioun ze stellen ass. Ech mengen, déi Aart a Weis, wéi hei d'Alentouren traitéiert gi sinn, ass vum Här Strotz a sengem excellente Rapport ganz gutt beschriwwen. Ech brauch dofir net méi dorop zrëckzekommen. Ech soen och dem Här Scheuer merci, dee sech nach am monumentale Konzept déi richtig Appréciatiounen erlaabt huet, deen och fonnt huet "ganz Europa op den Dräi Eechelen". Dat ass e schéint Symbol, mä et ass wouer. A wa mer d'Geschicht vun der Festung kucken, wie fréier déi Festung hat, a wa mer gesinn, dass déi Festung haut nach ëmmer do ass an datt mer se astand setzen, datt se e Wahrzeeche fir Lëtzebuerg vun haut ass, da musse mer soen: Lëtzebuerg deemools, wéi et Festungsstad war, hat an Europa déiselwecht Importenz an huet déiselwecht Importenz gepillt an déiselwecht wichteg Roll an der Geschicht vun deemools wéi mer haut eis vläicht net méi grad esou bewusst sinn, datt mer eng wichteg Roll en der europäescher Geschicht ze spillen hunn, datt mer eng Geschicht hunn, datt mer zu där Geschicht solle stoen.

Lo ass hei Referenz gemaach ginn op den éischte Projet - ech hu se och gemaach. Ech hunn erausfonnt, datt mer beim éischte Projet, wa mer do héich gerechent hätten, dann hätte mer haut e Projet vu 6,8 Milliarden. Mir kommen elo alles zesummen - Projet, Musée d'Art Moderne, Musée de la Forteresse -, héich gerechent mat de Supplémenten an dem Park Dräi Eechelen op ee Betrag, dee bei 5,4 Milliarden ass. Dat heescht, mir sinn 1,4 Milliarden ewech vun deem, wat eis de grouse Projet kascht hätt. Mir hunn awer dofir eis Festung opgebaut - grouss Deeler, 99% vun der Festung konnte gerett ginn, mat dem éischte Projet wier dat alles zougetippt ginn. Dofir si jo och déi Aménagementter, déi an dësem Projet virgesi sinn, sou kriddlech, sou delikat, well se ebe just an deene Festungsgrief extra aménagéiert musse ginn, fir datt dat net nëmmen e wëlle Gruef ass, mä datt awer och do déi Festungsmauer an déi "douve", déi mer erhalen hunn, ganz richtig zur Geltung kommen.

Et ass ganz gewëss ee Stéck vun héijer Konscht a vu Kompromissbereitschaft vun deenen zwou Säite gewiescht, fir d'Passerelle op eng richtig Plaz ze kréien. Et gouf munch Diskussiounen iwwert déi Passerelle. Et kann ee lo net soen, datt grouss Deeler vun dem Festungsmusée zerstäiert géife ginn duerch déi Plaz, wou d'Passerelle elo hikënnt. Mir hunn natierlech e Kompromiss gemaach a mat all Kompromiss muss ëmmer jiddferen e bësse Waasser a säi Wäi schëdden. An deem dote Fall denken ech, datt et awer och net sënnegméiss wier, an et hätt och net deem entsprach, wat d'Chamber bestëmmt huet, wa mer keng Verbindung tëschen deenen zwee Muséeën gemaach hätten. Iergendwann

mierken d'Leit, wa se vläicht net sech direkt vum Art moderne ugezu fillen, datt se da fir d'éischt an de Festungsmusée eraginn, an da vläicht awer emol bis eriwwer ginn, a wann et och nëmmen ass, fir an d'Cafeteria ze goen. An deem Sënn ass an deem Projet d'Verbindung dra gewiescht, a mir hunn domat och hei nogeholl, wat sech dann als de Wonsch vun der Chamber ausgedréckt hat.

Et ass ganz sécher, datt mer mat dësem Projet elo déi ganz Plaz, d'Place de l'Europe an de Park Dräi Eechelen, bis a wäit Deeler vun der Stad Lëtzebuerg erof - well do jo och Stroossen astand gesat ginn -, elo an der Rei hunn an datt dat herno en eemolege Site gëtt. Ech denken, do musse mer ganz sécher all deene Recht ginn, déi dat hei gesot hunn. Ech denken, datt déi, déi net dru gleewen, datt mer och emol eppes Grousses an eppes Schéines kënnen an eisem Land maachen, eppes, wat an der Neizäit entsteet, enges Bessere beléiert wäerte ginn.

Wat hu mer da bis elo eigentlech investéiert? Mir hunn ëmmer nëmme restauréiert. Dat hei ass praktesch deen eenzege Bau - mat dem Bau vun dem Concertssall -, wat een neie Bau ass, soss huet de Stat virrangeg restauréiert. Den Naturmusée hu mer an en aalt Gebai gesat, de Musée um Fëschmaart ass och en aalt, restauréiert Gebai mat enger neier Partie; dat hei ass deen éischten neie Bau, deen de Lëtzeburger Stat voll mécht, an zu deem een, sou mengen ech, awer och stoe kënnen muss. Ech wäert jiddefalls dee Projet do verteidegen.

Et brauch eis och keng Angscht ze ginn iwwert d'Liewen an deem Musée. Mir hunn elo schonn déi Cellule de préfiguration mat der Directrice, déi natierlech sehnlechst drop waart, datt de Musée kann opgoen an datt mer do och virukommen. Si wäert deemnächst an enger mobiller Struktur um Site sech installéieren an dann do och scho Visité maachen an och vun hirer Kollektioun mol erzielen.

Well, Dir Dammen an Dir Hären, et ass ëmmer gesot ginn - an dat kann ee bei den Debatten noliessen, wéi de Musée gestëmmt ginn ass -, mir hätten näischt fir dran; hei stëmme mer e Contenu, mir hunn näischt fir dran. Mir hu lo schonn eege Kollektioun genuch, fir dräi verschidden Ausstellungen ze maachen am ganze Musée. Dat heescht also, dass et net esou ass, dass mer näischt hunn - ofgesi vun deem, wat mer alles ze léine kréie vun anere Muséeën. Ech hunn esou vill Muséeesdirektore begéint, déi gesot hunn, wann der eppes braucht, dir kritt et bei eis. Mir hunn domidden och kee gréissere Problem fir hannenno schéin Ausstellungen hinzekréien.

Ech kann natierlech net hei d'accord sinn, wann e bëssen Äppel mat Bire verglach ginn an hei gemengt gëtt, dat, wat mer fir den Ënnerhalt vum Park musse bezuelen, wat also Aarbechtsplaze sinn, déi am Kader vum Baute-ministère geschafe ginn, déi Aarbechtsplaze wieren da vergläichbar mat deem, wat d'Literatur vun Ënnerstëtzung kritt, wann een do nëmmen deen Deel opzielt, dee

se am Budget kritt. Da muss een och alles opzielen, da muss een och opzielen, wat per Bourse duerch de Statut vum Artiste, deen eleng schonn e Betrag huet, dee méi grouss ass wéi déi doten Zomm, un d'Künstler geet, a méttlerweil och sécherstellt, dass deen eenzelne Künstler net ze kuerz kënnt.

Ech denken, datt mer dofir och dofir suerge wäerten, datt déi eng Richtung par rapport zu där anerer net ze kuerz kënnt. Wat den Theater vun Duelem ugeet, hu mer eng ganz genee Marschrichtung festgeluegt, wéi de wëssenschaftlechen Deel vun der Ausgruewung lo virugedriwwen gëtt. Et wäert dorobber erausgoen, datt mer net do-laanscht kommen, deen Theater ze iwwerdecken. Ech gesi keng aner Méiglechkeet fir en ze erhalten. Da stellt sech d'Fro - an dat ass eng Fro fir eng nächst Regierung -, ob een dann net och e Musée fir d'Archeologie muss bauen, an ob een deen net emol eng Kéier op Duelem baut, wou an där Hisicht ganz gewëss vill ze fannen ass a wou mer nach viles ausstellen hunn, wat och bei deem vergréisserte Musée um Fëschmaart nach seng Plaz net fonnt huet.

Mir wëssen, d'Archäologie ass eng Spart, déi vill Amateuren huet an déi dann och ganz bestëmmt do eng ganz Partie Leit géif an eng aner Géigend vum Land zéien. Dat géif och d'Konzept vun der Dezentraliséierung, déi d'Regierung jo wëllt virundreiwen, ënnerstëtzen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn natierlech hei déi eemoleg Geleeënheet, fir déi Saach mat de Steng do an dat richtegt Liicht ze setzen. Mol fir d'alleréischst wëll ech soen, datt dem Ministère an och der Administratioun vun de Bâtiments publics kee Virwurf gemaach ka ginn, et sief dann, et géif een de Beweis bréngen. Bis elo huet nach keen de Beweis bruecht, datt do iergendeppes net richtig gelaf wier. Au contraire! Mir hunn à la lettre d'Soumissionsgesetz respektéiert. Déi éischt Soumissioun ass gemaach ginn den 30. Juli 1999, se ass nach vum Minister Goebbels gemaach ginn, den 13. Oktober opgemaach ginn, an huet erginn, datt deen een Anbieter mat 322 Milliounen ugebueden huet an datt deen anere mat 567 Milliounen ugebueden huet. Bei deem Éischte war den Dossier net komplett, do huet eppes gefeelt, dofir huet d'Soumissiounskommissioun geroden, deen net zrëckzebehalen. Deen Zweete war méi wéi duebel sou deier wéi den Devis an dofir ass deen och net zrëckbehalen ginn. D'Soumissioun ass annulléiert ginn. Géint d'Annulatioun ass geklot ginn, awer an éischter an an zweeter Instanz huet d'Regierung Recht kritt. D'Regierung huet dann eng nei Soumissioun lancéiert.

Ech si séier fäerdeg, Här Krecké, well ech loossen dat hei net esou am Raum stoen.

### **(Interruption)**

An der Kommissioun hunn ech nach vill méi ze soen, do ginn ech och d'Dokumente allegueren, et ass guer net esou, dass Är Kommissiounssëtzung iwwerflësseg wär.



Et ass eng nei Soumissioun lancéiert ginn de 5. Juli 2000, si ass den 11. Oktober 2000 opgemaach ginn. Si huet erginn op der Säit vun de Präisser, datt mer een Angebot hate vun 375 Milliounen an erëm een Angebot vu 502 Milliounen. Mir hunn dat éischt Angebot gepréift an et sinn Experteberichter gemaach ginn. Ech hunn de 15. November déi Soumissioun zougeschloen.

Déi Soumissioun huet d'Pierre Magny doré ugebueden. Et ass also scho komesch, wann een dann duerno wëllt beweisen, d'Pierre Magny doré wier awer aus dësen an deene Grënn net gutt, wann ee se virdrun an enger Soumissioun ugebueden huet.

Dir Dammen an Dir Hären, méi ass dozou elo net ze soen. Ech bedauern, dass déi Soumissioun net konnt ausgeféiert ginn. Ech denken, déi Saach vun de Steng ass vläicht e bësse méi komplizéiert, fir datt een dat, ouni eng richteg Erklärung ze hunn, och richteg versteet.

Do gëtt hei zum Beispill behaupt, en Expär hätt gesot, et wieren net méi genuch Steng do. Dat hu mer gepréift, dat ass net wouer, well wann der bei der Soumissioun jo genuch do waren, wann ee se ubitt, da sinn der jo och dann zwee Méint no der Soumissioun do.

Déi Steng sinn a Couchen. Wann Der de Lëtzebuerger Sandsteen observéiert, da gesitt Der, datt en net op alle Couchen déiselwecht Faarf huet. En ass emol, wat ee méi héich geet, méi giel, en ass emol méi roudelzeg, wat ee méi erof geet. Esou ass et och hei bei deene Steng. Déi Steng Magny doré, dat ass eng ganz bestëmmte Couche, déi queesch duerch de Bierg leeft, wou dann dee Stee vun där Couche déi Faarf huet, déi den Architekt akzeptéiert.

Mir hunn de Projet hei an der Chamber gestëmmt mat dem Wëssen, datt dat Pierres de Bourgogne géife gi fir deen dote Musée, also mir hunn an där Hinsicht dem Architekt seng Propos zrëckbehalen. Iwwerall baut den Architekt Pei mat deem Steen aus der Bourgogne, mat Magny doré. Mir sinn amgaang ze préiwen, ob et eng zweet Carrière gëtt. Wann et déi gëtt, da muss déi eis jo och eng Präisoffer maachen. Et stëmmt och net, datt elo op eemol dee Stee sech net méi géif eegnen. Dat alles, dat seet net den Architekt, dat seet een Expär, deen net vun eis ernannt ass, mä deen e privaten Expär ass. Et huet also näischt domat ze dinn, datt d'Regierung wëllt enger Carrière eng Monopolstellung ginn. Wann eng aner Carrière do ass, da selbstverständlech ass déi mat derbäi.

An deem Sënn fäerten ech, datt et e bësse schued ass, datt mer eis a Gerichtsprozesser do zerbalegen, an datt mer Verdachten opstellen, déi heiansdo ganz grave sinn, datt och Drohungen ausgeschwat ginn, an datt ech ënnert engem ganz staarken Drock stinn. Dat muss ech och soen.

Ech hunn dat gemaach, wat d'Soumissiounskommissioun mer geroden huet. Ech hunn d'Soumissioun zougeschloen. D'Soumissioun konnt net exécutéiert ginn. Dat heescht déi nächst Schrëtt wäerte sinn, datt mer préiwen

op wat fir e Wee datt mer ginn, wat fir e Wee rechtlech dee richtegen ass. Ech soe jiddefalls hei: Wann déi éischte Kéier deen, deen dat Duebelt iwwert den Devis lung, écartéiert ginn ass, da kann dat net anescht sinn an da brauch een duerfir guer net ze mengen et hätt een do méi Afloss wéi deen aneren.

Dat gesot, huet déi ganz Saach insgesamt bis elo zwee Joer Retard kascht. Et soll een net mengen dat wier zum Selbstkostenpreis, well dofir kommen ech nach eng Kéier bei d'Chamber. Wann dat esou virugeet, wa mer net geschwë kënnen dee Bëton mat de Steng zoudecken, dann erleit de Bëton Schued. Da si mer esou gutt mir kleeden de Musée einfach an, fir ze vermeiden, datt en duerch d'Witterung Schued erleit. Dat ass eng vun de Konsequenzen, déi nun eemol bei eis e Marchés-Gesetz zur Folleg huet. Ech wëll dat awer net contestéieren an ech wëll et anhale bis zum bitteren Ende. Dat soen ech lech hei. Domat wier déi Saach gekläert.

Här President, ech denken, datt mer awer deen dote Problem wäerte kloer kréien. Ech si bereet an der Kommissioun en Donneschdeg déi respektiv Dokumenter matzebréngen.

Dat gesot, soen ech allen Deputéierten, déi zu dësem Projet favorabel stinn, merci. Et ass e schéine Projet. Gleeft es, datt mer als Land eis kënnen mengen, datt mer et nach fäerdeg bréngen, an esou schéi Projeten ze investéieren, an datt mer natierlech dofir herno déi ganz kulturell Aktivitéit musse plangen, an de Marketing mussen investéieren, fir datt mer dat och an der Groussregioun un d'Leit bréngen. Dat ass selbstverständlech. Dat steet eisem Land an dësem 21. Joerhonnert gutt zu Gesiicht. Et deet eis alleguerte gutt, wa mer eis méi mat Kultur beschäftegen, a gleeft es: Vun allem, wat bleift, d'Kultur ass ëmmer dat, wat am längsten hält. Merci.

**Des voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4957 a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert de virleiende Gesetzesprojet of.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi derfir sinn, stëmme mat Jo.

Déi dergéint sinn, stëmme mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 44 Jo-, 5 Nee-Stëmmen a 6 Abstentionen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Paul-Henri Meyers), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-*

Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Nicolas Strotz), Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. John Schummer), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Kriebs, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Emile Calmes), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Jeannot Krecké), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi (par M. Jean Asselborn);

M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Jean-Pierre Koepp), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Kolleginnen a Kollegen, als leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer d'Naturalisatiounen, an dofir muss ech de Huis clos aussprechen.

## 14. Demandes en naturalisation

De Huis clos ass heimat ausgesprach.

\* \* \*

Mir huelen déi öffentlech Sitzung erëm op.

D'Chamber ass mat 94 Demandes en naturalisation saiséiert ginn. Si huet an hirer net öffentlecher Sitzung 93 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote ugeholl, eng Demande ass refuséiert ginn. Sou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm an d'Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuurger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls mat dräi Ännerunge vun Nimm a Virnimm averstanen erkläert.

### Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 16 juillet 2002

1. ANDERLINI Daniela Anna, née le 1er juillet 1968 à Luxembourg, demeurant à Hesperange

2. ANDRADE Rosa Maria, née le 22 décembre 1972 à Nossa Senhora da Graça/Praia (Cap-Vert), demeurant à Luxembourg
3. BABACIC Esad, né le 10 janvier 1968 à Vitimirica-Pec (Yougoslavie), demeurant à Luxembourg
4. TURKOVIC Snjezana, née le 7 août 1970 à Zagreb (Croatie), demeurant à Luxembourg
5. BATABA Ekim Katanga, né le 5 janvier 1960 à Sokode (Togo), demeurant à Luxembourg
6. BRICOCCOLI Dominique, né le 30 mars 1952 à Belvaux, demeurant à Esch-sur-Alzette
7. CAFIERO Astolfo, né le 12 janvier 1971 à Cosenza (Italie), demeurant à Esch-sur-Alzette
8. CERVINO Giancarlo, né le 6 décembre 1967 à Catania (Italie), demeurant à Luxembourg
9. FERRARESI Annamaria Iva Ornella, née le 7 février 1967 à Milano (Italie), demeurant à Luxembourg
10. CHAOUCH Fethi, né le 28 mars 1964 à Soliman (Tunisie), demeurant à Schifflange
11. COGONI Ivan, né le 15 septembre 1964 à Esch-sur-Alzette, demeurant à Kayl
12. BERNUCCI Maria Stella Antonia, née le 28 novembre 1964 à Rumelange, demeurant à Kayl
13. COSTA BRITO Paulo Cesar, né le 6 mai 1974 à Nossa Senhora da Luz/Sao Vicente (Cap-Vert), demeurant à Esch-sur-Alzette
14. DA CRUZ DOS SANTOS Aldina, née le 4 février 1970 à Espargos/Nossa Sehnora das Dores (Cap-Vert), demeurant à Luxembourg
15. DE SOUSA CLARA Carlos Alberto, né le 29 septembre 1968 à Oliveira de Azemeis (Portugal), demeurant à Ettelbruck
16. DOS SANTOS GONÇALVES Luis Fernando, né le 3 février 1957 à Molelos/Tondela (Portugal), demeurant à Clervaux
17. DUGUET Valérie Irène Maria, née le 21 octobre 1965 à Echternach, demeurant à Echternach
18. EL ASSAL Negweny Reiad Ghebrial, né le 26 septembre 1950 à Damanhour (Egypte), demeurant à Rodange
19. SHAGHORY Nora Petro Adolf Ibrahim, née le 28 mai 1955 à Damanhour (Egypte), demeurant à Rodange
20. FERREIRA CORREIA Daniel, né le 20 juin 1967 à Nossa Senhora da Luz (Cap-Vert), demeurant à Esch-sur-Alzette
21. FERREIRA DA SILVA Pedro Miguel, né le 2 juin 1971 à Sao Juliao da Figueira da Foz/Figueira da Foz (Portugal), demeurant à Bereldange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de DA SILVA Pedro Miguel.